



Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2024

Här President,


esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomiesminister weiderzeleeden.

Esou wéi et mir zougedroe gouf, si vill Cliente vun der Post méttlerweil gezwongen, an de Guichete vum Etablissement Public op déi franséisch Sprooch zeréckzegräifen, well hire "Conseiller commercial" op der Plaz just nach eng vun eisen dräi administrative Sprooche beherrscht.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Ekonomiesminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister dës Virgäng bestätegen?
- 2) Falls jo, kann den Här Minister dann erklären, firwat vum Personal an engem Etablissement Public méttlerweil keng Kenntnis méi vun eisen dräi administrative Sprooche verlaangt gëtt?
- 3) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Leit an de Joren 2013 bis 2023 bei der Post agefallt goufen, déi zum Ablack vun hirem Déngschtuntrëtt op mannst eng vun eisen dräi administrativen Amtssproochen net beherrscht hunn, wéi dës Zuel sech op déi eenzel Sprooche verdeelt, wéi vill entspreichend Course säitdeem vum Personal vun der Post absolvéiert goufen a wéi ee Käschtepunkt dem Betrib doduerch entstanen ass?
- 4) Goufen déi entspreichend Course mat engem Examen ofgeschloss fir d'Kenntnisser an där Sprooch ze testen?
- 5) Falls jo, wéi ass d'Erfollegsquot ausgefall?
- 6) Gëtt et Kontrollmechanisme fir sécherzestellen, datt d'Personal, dat Coursen an enger vun eisen administrative Sproochen iwwert de Betrib bezuelt krit, dës Sprooch och am Ëmgang mam Client konsequent benotzt?

Mat déiwem Respekt,



Tom Weidig
Deputéierten